

Ennerwee an der Natur
En route vers la nature

LEADER
Lëtzebuerg West



Regionalmagasinn - Magazine régional n°18





Inhaltsver- zeechnes

Table des matières



Editorial	2-3
Wanderen am Westen – fir d’Romantiker an all déi aner <i>La randonnée dans l’ouest – pour les romantiques et tous les autres</i>	4-7
Fir Kierper a Geescht – Eng kleng Auswiel vun Trëppeltier am Westen <i>Pour le corps et pour l’esprit – Une petite sélection de chemins de randonnée dans la région</i>	8-15
Praktesches zum Wanderen an der Regioun <i>Informations pratiques sur la randonnée dans la région</i>	16-17
Iwwer d’Regiounen ewech – National Wanderweeër <i>Au-delà des régions – les Sentiers nationaux</i>	18-19
Ee Gespréich mam Wander-Fachmann Yves Lahur <i>Un entretien avec l’expert-randonneur Yves Lahur</i>	20-23
Geocaching – en neien Trend mat enger aler Geschicht <i>Géocaching – tendance nouvelle avec une histoire ancestrale</i>	24-25
Dëst an dat <i>En bref</i>	26-27
Agenda	28-29



facebook.com/leaderletzebuergwest.lu

Impressum

Editeur:
LAG Lëtzebuerg West
1, rue de l’Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

Redaktioun:
Marc Angel-Romera, Sarah Mathieu,
Nathalie Simon-Stammet, Natalia Sánchez

Fotoen:
Laurent Jacquemart, Lisa Heischling,
Jeannot Weber, Michèle Thinnès, ORTCO,
Sarah Mathieu, Yves Lahur, Marion Dessard,
Fons Jacques, Claude Rischard

Layout:
Rose de Claire, design.

Drock:
Imprimerie Centrale

Oplo:
14.400 Stéck

Datum:
09. Mee 2018

Text: Marc Angel-Romera, Sarah Mathieu
Foto: Michèle Thinnes



Léif Lieser,

No dësem laangen an duerchwuessene Wanter ass endlech d'Fréijoer do. Lues a lues huet et sech an de Bëscher an op de Felder geréiert, d'Déiere sinn nees aktiv, d'Natur ass elo rëm wakereg, déi perfekt Joreszäit fir d'Ëmgéigend nei z'entdecken an ze genéissen.

Wandere an deene leschte Joren zu engem richtegen Trend ginn. Och hei zu Lëtzebuerg fannen ëmmer méi Leit, ob jonk oder al, de Wee an d'Natur, an dat aus ganz verschiddenen Ursaachen: fir sech fit ze halen, nei Energie ze tanken, ofzeschalten oder einfach op Entdeckungstour ze goen.

Zitt et lech och eraus an d'frësch Loft? Ee gemittleche Spadséiergang oder ee strammen Trëppeltour, eleng oder am Grupp – wann dat lech interesséiert, wäert dës Editioun vum Regionalmagasinn lech Freed maachen. Mir weisen lech, wat et zum Thema Wandere an der Regioun, awer och um nationalen Niveau scho gétt a wat an nächster Zäit nach wäert realiséiert ginn.

Bei eis am Weste leeft aktuell de Projet *WestTrails*, wou den Zoustand vun de besteende Weeër festgehale ginn ass. Op där Basis kucke mir elo zesumme mam LEADER Atert-Wark an dem ORT Zentrum/Westen, fir flott Themeweeër ze gestalten.

National ginn nei Richtlinnen ausgeschafft, fir dat bestoend Netz vu Wanderweeër ze verbesseren an auszebauen, sou dass jiddereen op seng Käschte kënnt a säin Dag an der Natur sou ka gestalte wéi e grad Loscht huet.

Zum Schluss presentéiere mer lech e puer vun deene schéinste Weeër aus der Regioun a ginn lech eng Partie Rotschléi mat op de Wee, wéi der lech am Beschten op een agreabelen Trëppeltour preparéiert.

De LEADER-Büro informéiert lech natierlech och iwwert déi lafend Projeten an Eventer.

Vill Spaass beim Entdecken!

D'Mataarbechterin vum LEADER-Büro

Chers lecteurs,

Après un hiver long et mouvementé, voici enfin le printemps. Depuis un moment, cela commence à bouger dans les bois et sur les champs, les animaux s'activent, la nature s'est réveillée. La saison parfaite pour laisser derrière vous la grisaille et prendre la clé des champs.

La randonnée est à la mode. Au Luxembourg comme partout ailleurs, jeunes et moins jeunes sortent dans la nature pour se refaire une santé, se ravitailler en énergie, se détendre ou simplement partir à la découverte.

Envie de prendre l'air, vous aussi? Promenade reposante ou marche sportive, seul ou en groupe – si cela vous tente, la présente édition du magazine régional a de quoi vous faire plaisir. En effet, nous allons vous révéler ce qui, dans le domaine de la randonnée, existe ou est en train de se réaliser dans la région, mais aussi sur le plan national.

Chez nous, à l'Ouest, il y a bien du nouveau! Comme par exemple le projet *WestTrails*, dans le cadre duquel est évalué l'état actuel des chemins. Sur cette base, nous allons collaborer avec le LEADER Atert-Wark et l'ORT Centre/Ouest en vue de créer d'agréables sentiers thématiques.

Au niveau national, de nouvelles lignes directrices sont mises en place pour améliorer et compléter le réseau existant de sentiers de randonnée, afin que tout le monde puisse y trouver son compte et organiser son séjour dans la nature comme il lui plaît.

Pour finir, nous vous présenterons une sélection des plus beaux chemins de la région, y compris quelques bons conseils pour préparer de façon optimale vos randonnées.

Par ailleurs, le bureau LEADER vous informera évidemment sur les projets et événements en cours.

Bonne découverte!

Les collaboratrices du bureau LEADER

Wandern am Westen – fir d’Romantiker an all déi aner

„Fei Leit ginn zu Fouss, de Pak dee fiert mam Aut’mobil...“

Dat aalt Scouts-Lidd, dat esou ufänkt, gouf gären ugestëmmt, fir derzou am Gläichschrëtt ze marschéieren. Dat huet dann iwwert d’Gewan geschaalt, sou dass jiddereen héieren huet, wann där Truppen eng ënnerwee war. Dee Gesank sollt den Zesummenhalt stäerken an d’Middegkeet vergiessen doen. Haut ass d’Marschéieren am Gläichschrëtt aus der Moud komm, schéngt et.

Gutt esou! Wie Marschlider séngt, dee kritt näischt mat vum Wand an de Blieder, de Vigel an de Bamkrounen, dem Gluckse vun enger Quell oder einfach nëmmen der Stëllt, déi just nach vum eegenen Otem a vun den eegenen Trëtt gestéiert gëtt.

Kléngt romantesch? Ass et och! Wandere war an de vergaangene Joerhonnerten eppes fir déi, déi keen anert Fortbewegungsmëttel, also Kutsch oder Päerd, haten. Vagabunde goufen se genannt. Eréischt am 19. Joerhonnert, dem Zäitalter vun der Romantik, hu sech Kënschtler a Philosophen zu Fouss op de Wee gemaach, an zwar net just fir vun enger Plaz op déi aner ze kommen, mee fir der Natur, bei där sinn hir Inspiratioun fonnt hunn, sou no wéi méiglech ze sinn.

Besonnenesch beléift ware Landschaften, déi ënnerschiddlech Gemittszoustänn erëmgespigelt hunn. Beem, déi sech un d’Fielse klammere fir dem Stuerm d’Stir ze bidden, e Bëschweier, deen an der Sonn glënnert, eng Baach, déi sech duerch ee gréngen Dall schlängelt... An et gouf fläisseg no Spuren aus fréieren Epoche gesicht: verfale Gemaier, Schlässer a Buerger, déi tëscht Bamkrounen a Fielshäng erauswuessen.

La randonnée dans l’ouest – pour les romantiques et tous les autres

«Le beau monde va à pied, la racaille roule en automobile», c’est ainsi que se traduit à peu près le début d’une vieille chanson de scouts luxembourgeoise que jadis on aimait à entonner en marchant au pas. Le chant résonnait sur la campagne et faisait savoir à tout le monde qu’une compagnie d’éclaireurs approchait. Il s’agissait de renforcer la camaraderie et de faire oublier la fatigue. De nos jours, marcher au pas n’est plus très à la mode, paraît-il.

Tant mieux! Car celui qui marche en chantant à haute voix n’entend pas le vent dans les feuillages, le gazouillis des oiseaux dans les arbres, le murmure d’un ruisseau ou le simple silence interrompu uniquement par la respiration et le pas du marcheur.

Cela peut vous paraître fort romantique, et vous avez raison. Lors des siècles passés, la randonnée était

réservée à ceux qui ne possédaient pas d’autres moyens de transport, calèche ou cheval, les vagabonds donc. Ce ne fut qu’au XIX^e siècle, l’époque du romantisme, que les artistes et les philosophes prenaient la route à pied, non pas pour se rendre d’un endroit à un autre, mais pour se rapprocher au plus près de la nature, dont ils tiraient leur inspiration.

On appréciait particulièrement les paysages qui reflétaient différents états d’âme. Les arbres qui se cramponnent aux rochers pour tenir tête à l’orage, l’étang dont les eaux luisent au soleil, le ruisseau qui se faufile à travers une vallée verdoyante... De plus, on recherchait avidement les traces d’époques révolues: murailles, châteaux et autres ruines s’élevant au-dessus des bois.



Den Trend huet sech bis an dat fréit 20. Joerhonnert gehalen, goug awer mam Opkomme vum Auto als Statussymbol eriwwer. Wie sech et ka leeschten, dee fiert, déi aner kënnen trëppelen! An domat si mer erëm bei eisem Lidd, dat dës Realitéit spaasshalwer op d’Kopp stellt. Mee de Wand huet, wéi mer wëssen, scho rëm gedréint: et gehéiert hautdesdaags dach iergendwéi zum gudden Toun, dat ëmweltschiedlecht Gefier, sou dacks et sech maache léisst, an der Garage ze loossen a sech per pedes op de Wee iwwer Land ze maachen.

Un de Virstellungen, wat déi ideal Wandergéigend ugeet, huet sech zënterhier net vill geännert. Nach ëmmer gi Plazen, déi dem An Ofwiesslung a Kontraster ze bidden hunn, mat Freed opgesicht an exploréiert. Wie sech vun den eegene Féiss droe léisst, huet genuch Zäit, Ecker a Schéinheeten ze entdecken, déi ëm beim Bléck zur Autosfënster eraus, jo souguer vum Vëllossuedel erof, mat Sécherheet géifen entgoen. Derbäi komm ass méttlerweil d’Feststellung, dass Wandere net nëmmen eppes fir Romantiker vu gëschter an haut ass, mee dass et och eng gesond an erhuel-sam Method ass, dem stressegem Alldag fir e puer Stonne – oder méi – ze entkommen an domat Kierper a Geescht eppes Gutts unzedinn.

An déi erfreesch Noriicht ass: déi reizvoll Mëschung aus Natur a Kultur, aus fridd-lecher Idyll a rauer Séilelandschaft, wéi se vun de Poeten esou geschat gouf, ass an der Regioun LEADER Lëtzebuerg West op Schrëtt an Trëtt ze fannen. Wouriwwer d’Begeeschterung keng Grenze kennt, wann een sech ënnert de Frënn vu laangen Trëppeltier ëmheiert.

Frënn vu laangen Trëppeltier gëtt et och beim LEADER-Büro Tënten. An et läit dach op der Hand, ware si sech eens, dass een alles muss ënnerrhuelen, fir dee kulturellen an natierleche Patrimoine, dee vun der Virgeschicht bis an den Industriezäitalter reecht, an zu deem ënnert anerem dat gréissten Natura 2000-Gebitt vu Lëtzebuerg zielt, fir jiddereen *erwanderbar* ze maachen.

Et ass jo och net, wéi wann et u Méiglechkeete géif feelen! Am Géigendeel, et besti Pied, Weeër a weineg befuere Stroossen, souvill mer der gären hätten. Mee leider huet et bis elo un engem Gesamtkonzept gehapert, fir dat alles zu

Cette mode perdura jusqu’au début du XX^e siècle, où l’automobile, ce symbole de prestige, y mit fin. Ceux qui peuvent se le payer, roulent en voiture, les autres n’ont qu’à marcher. Nous voilà revenus à notre chanson de scouts, qui se moque de cette réalité en l’inversant. Mais, comme nous le savons, le vent a tourné à nouveau, et il est aujourd’hui de bon ton de laisser son véhicule au garage et de partir à pied aussi souvent que le temps le permet, ne fut-ce que par souci de l’environnement.

Quant au paysage idéal de randonnée, rien n’a changé. On continue de privilégier et d’explorer avec plaisir les lieux qui offrent le plus de diversité et de contrastes. Et c’est compréhensible, puisqu’en tant que piéton, vous avez tout le loisir de découvrir des coins et des détails qui vous échapperaient certainement si vous vous déplaçiez en voiture ou même à vélo. S’y ajoute le fait qu’en dehors de son caractère romantique, la randonnée permet d’échapper au stress de la vie quotidienne pour une heure ou deux – voire plus – et de faire du bien à votre corps et à votre esprit.

Et voici la bonne nouvelle: cet agréable mélange, tant loué par les poètes, de nature et de culture, d’idylle paisible et de contrée sauvage, vous le trouverez un peu partout dans la région LEADER Lëtzebuerg West. Les amateurs de la randonnée vous le confirmeront avec enthousiasme.

Des amateurs de la randonnée, il s’en trouve aussi au bureau LEADER à Tuntange. Il est donc évident, s’accordèrent-ils à constater, qu’il faut tout faire pour rendre accessible à chacun ce patrimoine culturel et naturel, qui s’étend de la préhistoire à l’ère industrielle et qui abrite entre autre le plus grand territoire Natura 2000 du Grand-Duché.

D’ailleurs, ce ne sont pas les possibilités qui manquent. La région dispose à souhait de sentiers, de chemins et de routes à faible circulation. Ce qui faisait défaut jusqu’à présent, c’était plutôt un concept général, regroupant tout cela dans une offre attrayante du domaine du tourisme proche de la nature. Il serait grand temps, décida le Groupe d’Action Locale Lëtzebuerg West, de procéder à un inventaire détaillé de tout ce qui concerne ce sport bénéfique qu’est la randonnée.





enger attraktiver Offer am Beräich vum naturnoen Tourismus ze maachen. Eng detailléiert Bestandsopnam vum allem, wat an der Regioun fir d'Ausübe vun dëser erbaulecher Sportart ze fannen ass, wier méi wéi fällig, huet d'Lokal Aktiouns Grupp Lëtzebuerg West beschloss.

De Projet WestTrails gouf vun der ASIVEMA asbl (Entente des communes et des syndicats d'initiative des Vallées de l'Eisch, de la Mamer et de l'Attert) an d'Liewe geruff. Grëndlech a kritesch goufen an dësem Kader national Wanderweeër, Auto-pédestre Strecken, Themepied a Gemengen- a Syndikatsweeër ënnert d'Lupp geholl.

D'Resultat vun dëser Herkules-Aarbecht besteet ënnert anerem an engem Inventaire, dee sech op déi selwecht Kritäre baséiert, déi den *Deutscher Wanderverband* fir hir *Initiativ Wanderbares Deutschland* benotzt huet. Op dës Manéier sollen d'Weeër am Westen eenheetlech erfaasst an evaluéiert ginn. Zousätzlech ginn déi erfaassten Donnéeën an engem eenheetleche Programm (NaturaSportPlaner) fir d'ganz Land opgeholl. Dëse Programm gëtt eng Aarbechtsbasis, déi d'Gestioun vun de Wanderweeër an och d'Beschëlderung vereinfacht.

Déi lescht zwee Joer goufen intensiv Gespréicher mat de Gemenge gefouert, fir nei Auto-pédestre Strecken ze plangen, Verbesserung vum verschloen an den aktuellen Uspréich Rechnung ze droen. Besichtigunge vu Beispillprojeten an Däitschland hu wäertvoll Informatiounen an

Denkustéiss bruecht. All Virschléi goufe mat Vertieder aus der Tourismussektioun vum Wirtschaftsministère a vum ORT Zentrum/ Westen besprach an a Rapporte fir d'Gemenge festgehalten.

Aus guddem Grond hunn eis Noperen déi Säit der Musel als Modell duergehalen, gëlle si doch allgemeng als europäesch Virreider a Saache Wandertourismus. An och déi offiziell Unerkennung fir déi ganz Efforte wäert, sou hoffe mer jiddefalls, *made in Germany* sinn.

De Label Kurze Qualitätswege, dee vun deem uewe genannten Deutscher Wanderverband ausgeschafft ginn ass, gëif der Regioun LEADER Lëtzebuerg West gutt zu Gesiicht stoen. Dëse Label bezitt sech op Theme-Weeër, déi sech an engem hallwen oder engem ganzen Dag zréckleeë loossen. D'Tier sollen een optimaalt Wandererlebnis erméiglechen, de Wënsch vu bestëmmten Zilgruppen ugepasst sinn, wa méiglech zréck un den Ausgangspunkt féieren an natierlech enger ganzer Partie Qualitätskritären entsprechen.

Dës Kritäre gi ganz präzis Indikatiounen zum Beispill iwwert Buedembeschafenheet vun de Weeër, den Ofwiesslungsräichtum vun der Landschaft oder d'Verhältnis vun Natur- a Kulturattraktiounen. A wat sou manche Wanderfrënn, déi an där Hisiicht hir Erfarunge gemaach hunn, dierft um Häerz leien: Natierlech spillen och d'Signaliséierung an d'Vernetzung vun de Strecken eng wichteg Roll.

Thematesch loosse sech déi Qualitéitsweeër an aacht Rubriken andeelen: Dramtour, Kulturerlebnis, Naturplëseier, Familespaass, regionale Genoss, Confort-Wandern, Wantergléck, Stad-Wandern. Do misst dach fir all Virléift eppes derbäi sinn.

Besonnenesch wichteg fir eis Lëtzebuurger, déi mir un déi kuerz Weeër, an zwar net nëmmen am iwwerdroene Sënn, gewinnt sinn, ass d'Ubanne vun deenen eenzele Wanderweeër un d'Uertschaften, sou dass een idealerweis iwwer Bierg an Dall, duerch Bëscher, Wäsen a Felder ka vun engem Duerf bis an dat anert trëppelen. Net ze vergiessen, dass dobäi een erfrëschende Patt an ee gudd Maufel um Zil vun der Etapp ëmmer wëllkomm sinn.

Et dauert natierlech nach ee Strapp, bis dass all déi Fortschrëtter a Verbesserungen, déi de Projet *WestTrails* verspricht, a Musek ëmgesat sinn. Mee näischt verhënnert, dass een an Tëschenzäit alt schonn deen een oder aneren *Test-Tour* ënnerhëlt. Et soll ee jo net ëmmer alles den Experten iwwerloossen. Dofir presentéiere mir lech op den nächste Säiten och eng kleng Auswiel vu flotten Trëppeltier an der Regioun, déi Dir elo schonn, iert de Projet komplett ofgeschloss ass, kënnent ënnerhuelen.

Fläicht wäert Der feststellen, dass och an lech ee Romantiker oder eng Romantikerin stécht, ouni dass Der eppes dovu wousst.

Loosst lech iwwerraschen!



Ce fut l'asbl ASIVEMA (Entente des communes et des syndicats d'initiative des Vallées de l'Eisch, de la Mamer et de l'Attert) qui lança le projet WestTrails, dans le cadre duquel on analysa scrupuleusement les sentiers de randonnée nationaux, les circuits auto-pédestres, les sentiers thématiques ainsi que les chemins communaux et syndicaux.

Ce travail herculéen a abouti dans un bilan reposant sur des critères identiques à ceux utilisés par la fédération des randonneurs allemande pour leur initiative *Wanderbares Deutschland*. Les sentiers dans l'ouest du pays seront d'ailleurs répertoriés et évalués de la même manière. Les données relevées figureront également dans un programme cohérent (NaturaSportPlaner) pour tout le pays. Ce programme fournira une base de travail qui facilitera la gestion, mais aussi la signalisation des sentiers de randonnée.

Durant les deux dernières années, des entretiens avec les communes eurent lieu afin de planifier de nouveaux circuits auto-pédestres, de proposer des améliorations et de tenir compte des exigences actuelles. Des visites de projets-modèles en Allemagne ont apporté des informations et des inspirations précieuses. Toutes les propositions discutées entre des représentants de la section tourisme du Ministère de l'Economie et de l'ORT Centre/Ouest figurent dans des rapports adressés aux communes.

Ce n'est pas sans raison si nos voisins d'outre-Moselle ont servi de modèle, puisqu'ils jouent un rôle de pionniers en matière de tourisme de randonnée. Aussi, la récompense officielle pour tous ces efforts portera-t-elle, nous l'espérons, l'attribution *Made in Germany*.

Le label *Kurze Qualitätswege* (chemin courts de qualité), désigné par ladite fédération des randonneurs allemande, conviendrait bien à la région LEADER Lëtzebuerg West. Il s'agit d'un label pour sentiers thématiques pouvant être parcourus en une demi-journée ou une journée. Ces sentiers sont censés procurer une expérience de randonnée optimale, satisfaire aux attentes de groupes-cibles spécifiques, ramener si possible au point de départ et correspondre, bien entendu, à une série de critères de qualité.

Ces critères fournissent des indications précises notamment des propriétés caractéristiques du sol, de la variété du paysage ou des proportions entre attractions naturelles et culturelles. Finalement, ce que les randonneurs expérimentés devraient avoir à cœur, c'est que la signalisation et le réseautage ont également leur rôle à jouer.

Thématiquement, les sentiers de qualité se laissent diviser en huit catégories: tour de rêve, expérience culturelle, plaisirs de la nature, divertissement familial, saveurs régionales, randonnée-confort, bonheur hivernal, randonnée en ville. Il y en a décidément pour tous les goûts!

Habitué des courtes distances que nous sommes, nous, les Luxembourgeois, apprécierons la connexion des chemins aux localités, si bien qu'idéalement, nous pourrions nous rendre, à travers campagne, d'un village à l'autre. Sans oublier le bon repas ou le verre rafraîchissant qui attend peut-être au bout de l'étape.

Ceci dit, il faudra patienter encore un peu avant que tous ces progrès et améliorations que promet le projet *WestTrails* soient mis en musique. D'ici-là, rien ne nous empêche d'entreprendre l'un ou l'autre tour d'inspection. Ne laissons pas tout le travail aux experts! Voilà pourquoi nous vous présentons, sur les pages suivantes, une sélection de trajets pittoresques dans la région qu'il vous est d'ores et déjà possible d'explorer sans attendre l'aboutissement du projet.

Il se pourrait qu'une âme romantique se cache en vous, sans que vous vous en étiez rendu compte.

Laissez-vous surprendre!

Für weider Informationen zum Label
Pour plus d'informations sur le label



Deutscher Wanderverband



➔ www.wanderbares-deutschland.de

Text: Marc Angel-Romera
Fotografen: Laurent Jacquemart, Jeannot Weber, ORTCO



Fir Kierper a Geesch

Eng kleng Auswiel vun
Trëppeltier am Westen

An der Regioun LEADER Lëtzebuerg West waart méi wéi een interessanten Trëppeltour op eis Wanderfrënn.

Dës Tier hunn all eng Längt vu 7 bis 13 km, loosse sech am Prinzip deemno a gutt zwou Stonnen zrëckleeën. Si si vun ënnerschiddlechem Schwieeregkeetsgrad, missten awer all fir ee gudde Foussgänger mat deem richtege Schongwierk ze packe sinn.

Eng kleng Selektioun vun Trëppeltier wëlle mer lech op dëser Plaz un d'Häerz leeën.


Pour le corps et pour l'esprit

Une petite sélection de chemins
de randonnée dans la région

Plus d'un trajet passionnant attendent les randonneurs dans la région LEADER Lëtzebuerg West.

D'une longueur de 7 à 13 km et de différents degrés de difficulté, ces tours prennent plus ou moins deux heures et devraient être accessibles à tout randonneur équipé de bonnes chaussures.

Voici un petit choix que nous recommandons à nos lecteurs et lectrices.



→ INFOS PRATIQUES



Distance: 8,82 km

Schwierigkeitsgrad: mëttel

Difficulté: moyen

Départ: 2, rue du Village
Schoenfels



→ Auto-pédestre Schöndels *Päerd a Reider*

D'Räiterlee ass eng vu villen Attraktiounen, déi lech um Auto-pédestre erwaarden, deen zu Schöndels fortgeet a sech iwwer 9 km zitt.

Wien dëse Magasin reegelméisseg liest, ka sech nach vläicht un d'Geschicht vum dapere Ritter erënneren, deen, vu mäerderesche Feinde verfollegt, sech mat sengem Päerd an den Ofgrond gestierzt huet.


Op der *Räiterlee*, deem Fiels, wou dës Seeche sech soll zougedroen hunn, ass nach en Houfodrock ze bewonneren, dee vun deem gewote Sprong erzielt. Vun hei huet een och een iwwerwältigende Panoramabléck mam Klouschter Märjendall als Mëttelpunkt. Um Schluss vum Wanderwee stéisst een op d'*Mamerleeën*, eng Rëtsch vun androcksvollen Hielen a Grotten, ëm déi sech och munch Soen a Legenden dréinen. Ee klengen Hiweis: Falls Der een Deel vun de *Mamerleeën* zu bestëmmten Zäiten am Joer net kënn besichlegen, dann ass dat awer net éieren, well d'Wiichtelcher lech de Wee verspären, mee well seele Fliedermaus-Zorten hei hiert Quartier fonnt hunn an net solle gestéiert ginn.

→ Auto-pédestre Schoenfels *Le cavalier et sa monture*

La *Räiterlee* est une des nombreuses attractions, qui vous attend sur ce circuit auto-pédestre, partant de Schoenfels et s'étendant sur 9 km autour du village.

Ceux qui lisent régulièrement notre magazine se rappelleront peut-être l'histoire du vaillant chevalier qui, poursuivi par une meute d'ennemis féroces, se lança dans l'abîme avec son cheval.

Sur le promontoire de la *Räiterlee*, où ce fait se serait déroulé selon la légende, l'empreinte d'un sabot témoigne du saut courageux. Tout aussi impressionnante et bien plus réelle, la vue panoramique donne sur un paysage splendide, avec pour centre le couvent de Marienthal. A la fin du parcours vous attendent, les *Mamerleeën*, une suite de cavernes et de grottes servant de décor à de nombreuses légendes. Soit dit en passant: si une partie des *Mamerleeën* est fermée durant certaines périodes de l'année, rassurez-vous, ce ne sont pas les lutins qui vous barrent le chemin, mais des colonies de chauve-souris sous protection qui y cherchent abri et ne doivent pas être dérangées.



→ INFOS PRATIQUES

Distance: 9.43 km
Schwierigkeetsgrad: mëttel
Difficulté: moyen
Départ: 3, rue d'Ansembourg
Hollenfels




→ Auto-pédestre Huelmes Héichten an Déiften

Ausgangspunkt ass dat idyllescht Dierfche mat senger imposanter Buerg, vu wou aus et duerch de Bësch erof an den Dall geet, net wäit vum Klouschter Märjendall, dat e bësse vum Wee of op där anerer Stroossesäit läit. D'Glückse vun der Kalbaach mat hire Weieren a Bréckelcher wäert lech ee Stéck wäit begleeden, iert Der iwwert d'Kopp an am Bou nees zréck op Huelmes kommt.

→ Auto-pédestre Hollenfels par monts et par vaux

Le circuit de Hollenfels a comme point de départ le charmant hameau avec son château impressionnant. Le chemin descend vers la vallée où se trouve le couvent de Marienthal, légèrement à l'écart du trajet, sur l'autre côté de la route. Accompagnés par le murmure du ruisseau de la Kalbaach avec ses étangs et ses passerelles, vous passerez par une hauteur pour revenir à Hollenfels.





→ INFOS PRATIQUES

Distance: 8,31 km
Schwierigkeitsgrad: leicht
Difficulté: facile
Départ: 1, Helperterwee
 Buschdorf




→ Auto-pédestre Bëschdref Keeser a Bëschof

Frënn vu Geschicht a Geschichte kommen och an der Ëmgéigend vu Bëschdref op hir Käschten. Hei kënn Dir um *Helperknapp* d'Willibrord-Kapell besichlegen an lech un der Wonnerquell erfrëschen, där hiert Waasser sengerzäit schonn de Karel de Grouse vun enger Kränkt un den Ae soll kuréiert hunn. Fir ee besënnleche Moment suergt de Kräizwee aus dem Joer 1919. Vum *Helperknapp* aus geet et iwwert den Openthalt erof an de Fënsterdall, wou Der am Bësch op een Tumulus, ee réimesche Grafhiwwel, stousst. Nieft deene villen historeschen Attraktiounen rentéiert et sech awer och, ee Bléck op d'Natur ze werfen an ze beobachten, wéi d'Vegetatioun sech no de Stierm aus de vergaangene Joerzénge lues a lues regeneréiert. An zwar sou, dass sech mëttlerweil Planzen op deem Gebitt ugesidelt hunn, déi et virdrun hei net gouf.

→ Auto-pédestre Buschdorf empereur et évêque

Les amis d'histoire et d'histoires trouveront également leur bonheur dans les environs de Buschdorf, où vous pouvez visiter la chapelle St-Willibrord sur la hauteur du *Helperknapp* et vous rafraîchir à l'eau de la source miraculeuse qui, à l'époque, aurait guéri Charlemagne d'une maladie des yeux. Sur le même site, le chemin de croix datant de 1919 vous réserve un moment de contemplation.

À partir du *Helperknapp*, vous passez par le lieu-dit Openthalt pour descendre vers Finsterthal où vous allez découvrir, au milieu de la forêt, un tumulus romain. En dehors des nombreuses attractions historiques, n'oubliez pas de rester attentifs à la nature, car vous pouvez observer comme la végétation, après les fortes tempêtes des décennies passées, est en train de se régénérer. À tel point que sur les surfaces ravagées poussent à présent des plantes qui n'y ont jamais été vues auparavant.



→ INFOS PRATIQUES

Auto-pédestre Kärch
Distance: 7,29 km
Schwierigkeetsgrad: licht
Difficulté: facile
Départ: 4, rue de Windhof
Koerich

Léierpad Härebësch
Distance: 7,7 km
Schwierigkeetsgrad: licht
Difficulté: facile
Départ: Fockemillen
Koerich



→ Léierpad Härebësch & Auto-pédestre Kärch – Stuerm a Krichsdrama


E gewaltege Stuerm huet de 6. Juli 2014 iwwert eis Géigend geroost, mat Spëtzevitesse vun iwwer 130 km/h. De Schued, deen dobäi am Bësch entstoung, war vun historeschem Ausmooss. Méi doriwwer kënnt Der op engem Léierpad am Härebësch bei Kärch gewuer ginn. D'Natur hellt hei nees Stéck fir Stéck Iwwerhand. An zwar op eng esou spektakulär Aart a Weis, dass ënner Wanderfrënn vun engem echten Dschungel-Feeling rieds geet!

De Stuerm-Léierpad ass Deel vum Auto-pédestre vu Kärch, deen iwwregens, zur Freed vu ville gesondheets- an ëmweltbewusste Wanderer, bal ausschliisslech aus natierlechen Trëppelpied ouni Makadam besteet. Den Auto-pédestre geet op der Parkplaz beim Gréiweschlass fort a féiert ënnert anerem bei ee Monument, dat un een tragesche Virfall aus dem 2. Weltkrich erënnert: Dem Captain F. A. Terry vun der Royal Air Force säi Fliger gouf iwwer Saarbrécke vun der däitscher Loftofwier getraff. D'Maschinn huet Feier gefaangen an huet un Héicht verluer, bis se iwwert dem Bësch bei Kärch erofgefall an op dëser Plaz zerschellt ass.

→ Sentier didactique Härebësch & auto-pédestre Kärch – tempête et drame de guerre

C'est une de ces tempêtes qui, avec une vitesse de près de 130 km/h, sévit sur nos contrées le 6 juillet 2014. Les dégâts forestiers furent de dimensions historiques. Vous en apprendrez plus sur le sentier didactique dans la forêt du Härebësch près de Koerich. La nature est en train de reconquérir progressivement sa place. Le spectacle impressionne les marcheurs les plus aguerris, qui parlent d'un véritable feeling de jungle.

Le sentier didactique concernant la tempête fait partie de l'auto-pédestre Koerich, constitué sur presque toute sa longueur de chemins de terre battue, au grand bonheur des amis de la randonnée saine et soucieuse de l'environnement. L'auto-pédestre prend son départ près du château Gréiweschlass pour mener vers un monument en mémoire d'un événement tragique de la Seconde Guerre mondiale. L'avion du capitaine F.A. Terry de la Royal Air Force fut touché, au-dessus de Sarrebruck, par un missile de la défense aérienne allemande. La machine prit feu et perdit en hauteur pour venir s'écraser dans la forêt près de Koerich.



→ INFOS PRATIQUES

Distance: 13 km
Schwierigkeetsgrad: mëttel
Difficulté: moyen
Départ: 1, rue Collart
 Steinfort



→ Entdeckungspad **Mirador Stengefort** Mënsch an Natur


Ee Stéckelche méi laang ewéi d'Auto-pédestres, dofir awer extrem ofwiesslungsräich ass den Entdeckungspad **Mirador** zu Stengefort. Hie féiert als éischt bei dat Gebai, vun deem den Tour säin Numm hierhuet. De **Mirador** ass een Iwwerbleiwsel vun der Eisenindustrie an déngt haut als Centre d'Accueil mat Fierschterbüro. Ee weideren Zeie vun den industriellen Aktivitéite ronderëm Stengefort ass de Site vun der **Aler Schmelz**, déi hir Glanzzäit an der zweeter Halschent vum 19. Joerhonnert hat. Och d'Steekaul vum **Schwaarzenhaff** ass eng Brooch, déi amgaang ass, vun enger aarteräicher Flora a Fauna zrëckeruewert ze ginn. Da wiessele sech Bësch- an Agrarlandschaft, Drëchen- a Fichtwisen of, bis een op Äischen kënnt, vu wou aus de Wee ganz onopfälleg iwwert d'belsch Grenz féiert, bis bei d'Abtei vu Clairefontaine, wou d'Gräfin Ermesinde begruewe läit. Zréck op lëtzebuurger Buedem, geet et bei een ale Staudamm op der Äisch, deem seng Schleisen awer zënter 1935 net méi zougemaach goufen.

Dëse Wanderwee ka verbonne gi mam Sentier national des 7 Châteaux den eng Gesamtlängt vu 37,5 km opweist. Wéi Der lech kënnt denken, zitt e sech vu Miersch aus duerch dee ganzen Äischdall. Et sief awer drop higewisen, dass déi national Wanderweeër keen Tour maachen, soudass een op den öffentlichechen Transport oder ee feine Mënsch, dee sech als Chauffeur hiergëtt, ugewisen ass.

→ Sentier découverte **Mirador de Steinfort** l'homme et la nature

Quant au sentier découverte **Mirador** près de Steinfort, il est un peu plus long, mais tellement divertissant que vous verrez à peine passer le temps. Il mène d'abord vers le bâtiment auquel il doit son nom. Le **Mirador** est un vestige de l'industrie sidérurgique et sert aujourd'hui de centre d'accueil et de bureau du garde forestier. Autre témoin de l'époque industrielle, le site de la **Al Schmelz** (ancienne forge) connu son essor lors de la deuxième moitié du XIX^e siècle. La carrière du **Schwaarzenhaff** est elle aussi une friche reconquise peu à peu par une flore variée. Paysages forestiers et agricoles, pelouses sèches et humides se succèdent jusqu'à Eischen, d'où le chemin franchit allègrement la frontière belge pour conduire vers l'abbaye de Clairefontaine qui abrite la tombe de la comtesse Ermesinde. De retour sur le territoire luxembourgeois, vous voici en face d'un ancien barrage de l'Eisch, dont les vannes sont cependant restées ouvertes depuis 1935.

Pour les plus ambitieux, le trajet se laisse combiner avec le Sentier national des 7 Châteaux d'une longueur de 37,5 km. Comme son nom le laisse deviner, il parcourt la Vallée de l'Eisch à partir de Mersch. À noter cependant que les Sentiers nationaux ne constituent pas de circuits, si bien qu'il faut recourir aux transports en commun ou à une personne aimable se portant volontaire comme chauffeur.



→ INFOS PRATIQUES

Distance: 6,41 km
Schwierigkeetsgrad: liicht
Difficulté: facile
Départ: 71, rue du Baumbusch
Mamer



→ Auto-pédestre Mamer 2 Rollstull a Poussette

Net jidderengem ass et méiglech, sech op knubbeleg Weeër, Träpen a Kloterpartien anzeloossen. Wien net esou gutt ze Fouss ass, op e Rollstull ugewisen oder och mat kleng Kanner, eventuell mat Poussette ënnerwee ass, muss sech kënnen drop verloossen, dass sech him näischt an de Wee stellt, wat fir hien net z'iwwerwannen ass, soss kann de Pleséier liicht zur Enttäuschung ginn.

Fir dat ze verhënneren, huet de Wirtschaftsministère zesumme mat Info-Handicap ee Label virgesinn, deen un touristesch Infrastrukturen an Evenementer vergi gëtt, déi sech um Prinzip vum Design for All orientéieren, dat heescht fir eng Accessibilitéit suergen, déi Mënsche mat enger Behënnerung zegutt kënn. Mam EureWelcome-Label ass zum Beispill den Auto-pédestre 2 vu Mamer ausgezeechent. Mat enger Längt vu 6,5 km an engem Héichtenënnerschied vun nëmme 73 m erlaabt hien eng stressfräi Wanderung, vun där ee groussen Deel duerch de Bësch geet. Ausgangspunkt ass d'Parkplaz um Wupp vun der rue de Baumbusch, vu wou aus et ee Stéck wäit iwwert de Véloswee geet. Stroosse mat Autostrafic leie keng op der Streck. Ideal fir Rollstullfuere, Kannerkutschen oder Leit, déi einfach wëllen ee gemittlechen Tour duerch eng agreabel Landschaft trëppelen.

→ Auto-pédestre Mamer 2 Chaise roulante et poussette

Tout le monde n'est pas en mesure de s'engager sur des sentiers inégaux pourvus d'escaliers ou autres parties d'escalade. Que vous soyez personne à mobilité réduite, usager d'une chaise roulante, que vous soyez accompagnés de petits enfants, éventuellement en poussette, il vous sera nécessaire de savoir qu'aucun obstacle insurmontable ne viendra barrer votre chemin, sinon le plaisir tournera vite à la déception.

Pour éviter cela, le Ministère de l'Économie, avec la contribution d'Info-Handicap, vient d'instaurer un label décerné à toute infrastructure ou événement touristique orienté sur le principe du Design for All, c'est-à-dire conçu pour assurer l'accessibilité aux personnes porteuses d'un handicap. Le circuit auto-pédestre 2 de Mamer fait partie des infrastructures labellisées EureWelcome. D'une longueur de 6,5 km et d'une différence d'altitude de seulement 73 m, ce circuit permet une promenade sans stress, dont une grande partie parcourt la forêt. En partant du bout de la rue de Baumbusch, il mène en partie par la piste cyclable et évite les routes à trafic. Voilà qui constitue un parcours sans défaut pour usagers de chaises roulantes, poussettes – ou tout simplement pour tout amateur de promenade agréable dans un paysage charmant.



Dëst ass, wéi gesot, nëmmen ee klengen Echantillon vun deem, wat lech erwaart, wann Der an der Regioun LEADER Lëtzebuerg West ze Fouss ënnerwee sidd. Op all deene Weeër léisst sech liicht feststellen, wat d'Wandere vun anere Sportarten ënnerscheet. Vlächet ass et dee gemällegen Tempo, mat deem een et, och wann ee mat féxem Schrëtt marschéiert, mat kengem anere Fortbewegungsmëttel kann ophuelen, deen dofir awer mat sech bréngt, dass een als Foussgänger d'Welt aus enger anerer Perspektiv kenneléiert. Nieft dem positiven Effekt op d'Gesondheet, an deem gudden Gefüll vun der vollbruechter Leeschtung kritt een ëmmer och eppes fir de Verstand gebueden. Informatiounen, Erlebnisser a Geschichten, déi een nach net kannet huet, iwwert déi et sech rentéiert nozedenken, déi ee mat heem hëlt an déi engem an Erënnerung bleiwen.

Sou wéi d'Geschicht vum dapere Ritter vun der *Räiterlee*, där hire Schluss mer lech iwwregens nach schëlleg sinn. Iert hien an den Ofgrond gesprongen ass, huet hien an engem verzweiwelte Stoussgebiet geschwuer, dem Klouschter Märjendall eng Käerz ze stëften, déi d'Gewicht vun him mat sengem Päerd sollt hunn – de Fall gesat, hie géif de Sprong iwwerliewen. Mann an Déier koume wuel behalen um Fouss vum Fiels un. Si waren, wéi se sech doropshin op d'Wo gestallt hunn, knapps ee Pond schwéier. De Skeptiker ënnert eis sief d'Fro erlaabt, wiesou dann uewen um Fiels esou een déiwen Houfodrock zrëckbliwwen ass...

Ceci ne représente, rappelons-le, qu'un échantillon infime de ce qui vous attend si vous avez envie d'explorer à pied la région LEADER Lëtzebuerg West. Partout où vous irez, vous vous rendrez vite compte de ce qui différencie la randonnée d'autres disciplines sportives. Même en marchant d'un pas accéléré, vous n'entrerez en concurrence avec aucun autre moyen de déplacement. C'est ce qui vous permet, en tant que piéton, d'avoir une autre perspective sur le monde. En plus de l'effet bénéfique pour la santé et la sensation agréable de l'effort accompli, l'esprit y trouve également sa nourriture. Véritable réservoir d'informations, d'aventures et d'histoires, la randonnée vous réserve de quoi réfléchir et de quoi vous souvenir.

Comme l'histoire du preux chevalier de la *Räiterlee*, dont il ne reste plus qu'à vous révéler la fin. Avant d'oser le saut dans le vide, notre héros, dans une prière désespérée, promet de faire don au couvent de Marienthal d'un cierge dont le poids correspondrait à celui du cavalier avec sa monture – au cas où il survivrait. À leur atterrissage, ni l'homme, ni le cheval ne portèrent la moindre égratignure. La balance en fournit l'explication: les deux pesaient ensemble à peine une livre. Les sceptiques pourraient se poser la question d'où provient dès lors l'empreinte profonde au sommet du rocher...



Praktesches zum Wanderen an der Regioun

Infos pratiques sur la randonnée dans la région

Text: Nathalie Simon
Foto: Michèle Thinnes

Veranstaltungen ronderëm d'Wanderen Manifestations autour de la randonnée

Wéini / Quand	Waat / Quoi	Infos
27.05.2018 09:00	Apéro Tour Départ: Mamer <i>Op der Drëps</i> , direction restaurant <i>Thillsmillen</i>	www.asivema.lu
02.06.2018 14:00-17:00	Faszination Wildkräuter Kraiderwanderung / Randonnée et cueillette d'herbes sauvages Départ: Brouch, rue <i>Maandelbaach</i>	Maison de l'Eau de l'Attert www.attert.com
24.06.2018 07:00-17:00	Vollekswanderung / Marche populaire Départ: Beringen, Hal Irbicht	www.5xberingen.lu www.flmp.lu
08.07.2018 10:00	Een Dag an der Natur Trëppeltour / Randonnée Départ: Dahlem, Am Keller	www.garnich.lu
25.08.2018 07:00-17:00	Vollekswanderung / Marche populaire Départ: Brouch, Hal an der Koll (Stade Feidt Frères)	www.flmp.lu
31.08. - 01.09.2018 15:00-23:00	All you can Walk in 24 hours Westlech Randonnée 28km / Randonnée à l'Ouest 28km Départ: Kirchberg, Centre Sportif Coque	www.flmp.lu
09.09.2018 07:00-17:00	Vollekswanderung a Marathon / Marche populaire et marathon Départ: Steinfort, Centre <i>Roudemer</i>	www.wanderfalken.lu www.flmp.lu
16.12.2018 09:00	Apéro Tour Départ: Koerich beim Schloss / château	www.asivema.lu
30.12.2018 08:00-17:00	Vollekswanderung / Marche populaire Départ: Beringen, Hal Irbicht	www.5xberingen.lu www.flmp.lu



Weider Infoen zum Thema Wandern

Informations supplémentaires sur le thème de la marche à pied

- www.visitguttland.lu
- www.visitluxembourg.com
- www.geoportail.lu
- www.letzebuergwest.lu/downloads/tourismus
Entdeckungen auf Schritt und Tritt / Découvertes à chaque tournant
- www.editions-guy-binsfeld.lu
Guide auto-pédestre Luxembourg –
201 Rundwanderwege / 201 circuits pédestres
- www.cfl.lu
Guide CFL 1.000 km Lëtzebuerg

Wanderveräiner an der Region

Associations de randonnée pédestre dans la région

- **Nordic Walking Club Mamer**
www.nordicwalkingmamer.lu
- **Wanderfrënn Brouch**
www.wf-brouch.lu
- **Wandertramps Garnich**
sries@pt.lu
- **Wanderfalken Steinfurt**
www.wanderfalken.lu

Sportsbutteker fir Wanderoutfitten

Magasins de sports pour l'équipement de trekking / randonnée

- **Intersport**
2, Allée John W. Leonard, L-7526 Miersch (Mierscherbiérg)
T: 26 32 68 1
www.myintersport.lu
- **Outletstore by Freelanders**
11A, Allée John W. Leonard L-7526 Miersch (Mierscherbiérg)
T: 27 84 62 1
www.freelanders.lu
- **Casper's Climbing Shop**
46, rue du Commerce L-8220 Mamer
T: 661 227 001
www.caspersclimbingshop.com

E puer kleng Tipps Quelques conseils

Wesentlecht Equipement Equipement indispensable

- Waasserdicht Wanderschong
Chaussures de marche imperméables
- Ploschteren / pansements pour ampoules
- Hiking-Strëmp
Chaussettes spéciales pour randonnée
- Bidon Waasser an e gesonde Snack
Bidon d'eau et un casse-crôte léger

Eventuellt Equipement Equipement éventuel

- Trekking-Bengelen / bâtons de randonnée
- GPS-System / système GPS
- Täscherluucht a Kompass
Lampe de poche et boussole
- Activity tracker
- Spektiv, Lupp, Naturbestëmmungsbuch
Jumelles, loupe et guide d'identification

Fréijoer-Summer / Printemps-été

- Ootmungsaktiv Kleedung, liicht a waasserdicht,
hell a reflektéierend / vêtements légers,
imperméables et respirants, clairs et
réfléchissants
- Sonnebrëll / lunettes de soleil
- Sonneschutz / protection solaire
- Kap / casquette
- Precautioun a Protektioun géint Bëschzecken
Précautions et répulsif contre les tiques

Hierscht-Wanter / automne-hiver

- Waasserdicht Thermokleedung
Vêtements thermo imperméables

Text: Marc Angel-Romera
Fotografen: Jeannot Weber, David Laurent,
Laurent Jacquemart, ORTCO

Iwwer d'Regiounen ewech – National Wanderweeër Au-delà des régions – les Sentiers nationaux

Département des Forêts gouf de Lëtzebuergeschen Territoire bekanntlech ënnert dem Napoléon genannt. Och wann deen Titel deemools bestëmmt net ganz schmeechelhaft gemengt war, däerf ee sech driwwer freeën, dass eist Land bis haut nach ëmmer zu engem erstaunlech groussen Deel vu Bëscher bewuess ass. Wie Bësch seet, denkt un onberéiert Natur, un eng räich Flora a Fauna, un eng gesond Loft... Eppes wat d'Häerz vun all Wanderer, egal wou en hierkënn, héich schloe léisst. A wéi wann dat net géif duergoen, kënn dobäi nach ee grouse Räichtum un histoireschen a kulturelle Schätz, mat deem Stad a Land lackelen.

Wie sech um site *Geoportail.lu* d'Landkaart mat de Wanderweeër ukuckt, stellt séier fest, dass et kaum ee Fleck gëtt, deen net op iergendeng Aart a Weis zu Fouss kann inspizéiert ginn. Nieft Auto-pédestres, Natur- an Themepied besteet och ee beandrockend Netz vun nationale Wanderweeër, d.h. Weeër, déi queesch duerch d'Regiounen vun engem Punkt am Land op een anere féieren an déi sech alt mol iwwert eng Längt vu 60 km oder méi kënnen zéien. Duerch d'LEADER Regioun Lëtzebuerg West féieren, nieft deem am

viregten Artikel ernimmten *Sentier des 7 Châteaux*, nach de *Sentier de l'Attert* (52 km) an de *Sentier de la Mamer* (25 km). National Wanderweeër sinn ënner Frënn vum naturnoen Aktivtourismus ganz beléift, an et ass verwonnerlech, dass Lëtzebuerg an deene Kreesser nach ëmmer éischter als Geheimtipp gehandelt gëtt.


Dat kënn zum Deel doru leien, dass déi Strecken iwwert eng Period vun 80 Joer entstane sinn, an dofir zum Deel vereelt sinn, ënnert anerem, well se iwwer Stroosse féieren, op deenen haut vill Trafic ass.

Dat dierft sech an nächster Zäit änneren! Mat zertifizéierte Weeër wéi dem *Müllerthal Trail*, dem *Escapardenne Eislek Trail* an dem *Escapardenne Lee Trail* goufen éischt Schrëtt ënnerholl, fir dat nationaalt Weenetz méi attraktiv ze maachen. An deene leschte fënnf Joer kruten doriwwer eraus d'CFL-Weeër an d'Auto-pédestres nei Markéierungen, geféierlech Plaze wéi Eisebunnsbarriären a vill befuere Stroosse goufen erausgeholl.

Et war d'Sektioun Tourismus vum Wirtschaftsministère, déi d'Initiativ ergraff huet, déi national Wanderweeër ze restrukturéieren, fir dass se den Uspréch vum moderne Wandersport gerecht ginn.

Département des Forêts, tel était le nom du territoire luxembourgeois sous Napoléon 1^{er}. Si la connotation de ce titre ne fut sans doute pas très flatteuse à l'époque, nous sommes en droit de nous réjouir que notre pays reste, jusqu'à nos jours, couvert de grandes étendues forestières. Or, qui dit forêt, pense à une nature intacte, à une riche faune et flore, à un air pur ... De quoi séduire tout randonneur qui se respecte. Et comme si cela ne suffisait pas, s'y ajoute un énorme patrimoine de trésors historiques et culturels en ville comme à la campagne.

En consultant la carte des chemins de randonnée sur le site *Geoportail.lu*, vous ne trouverez que peu d'endroits au Grand-Duché qui ne se prêteraient pas à être explorés à pied. En dehors des circuits auto-pédestres, de découverte et thématiques, il existe un réseau impressionnant de Sentiers nationaux, sentiers pouvant atteindre une longueur de 60 km ou plus, qui traversent les régions en conduisant d'un point du pays vers un autre. Les chemins qui parcourent le territoire de la région LEADER Lëtzebuerg West sont le *Sentier des 7 Châteaux* (voir article précédent), le *Sentier de l'Attert* (52 km) et le *Sentier de la Mamer* (25 km). Les Sentiers nationaux étant en principe très appréciés parmi les amateurs du tourisme actif, il est d'autant plus étonnant que le Luxembourg ne bénéficie que d'une notoriété modeste sur ce plan.



Fir dat z'erreechen, muss natierlech d'Qualitéit stëmmen! Entdeckenswäert Plazen an Uertschaften – inklusiv d'Stad Lëtzebuerg – mussen erreechbar sinn, ausserdeem sollten déi verschidde Weeër sou gutt wéi méiglech matenee verbonne ginn. Och eng Ubannung un déi international Wanderroueten, wéi déi op Santiago de Compostela, ass virgesinn. A fir den technesche Fortschrëtt net ze vergiessen: et muss sech kënne zouverléisseg navigéiere loossen.

Eng opwänneg Entreprise, well hei een neit Netz an eng eenheetlech Markéierung solle geschafe ginn. Zesumme mam Ministère sinn déi verschidden ORTen um Projet bedeelegt; an enger berodender Funktioun ass den *Deutscher Wanderverband* als externe Partner mat derbäi.

Awer och am Beräich Vermaartung si Moosssname geplangt, fir dass Lëtzebuerg sech ka mat engem Wander-Portfolio, dee sengesgläiche sicht, dobausse presentéieren. Zur Zäit gëtt de Projet *National Weeër* nach analyséiert a geplangt. Mir halen lech, wéi ëmmer, um Lafenden...

Cela s'explique sans doute entre autre par le fait que ces trajets se sont créés pendant une période de 80 ans et sont en partie tombés en désuétude, notamment en empruntant des routes dont la circulation s'est entre-temps intensifiée.

Voilà qui pourrait changer dorénavant! Des premiers pas pour améliorer l'attractivité du réseau pédestre national furent entrepris avec l'instauration de chemins certifiés nommés *Müllerthal Trail*, *Escapardenne Eislek Trail* ou encore *Escapardenne Lee Trail*. Lors des cinq dernières années, les sentiers CFL et les circuits auto-pédestres ont été pourvus de nouvelles signalisations, et les parties dangereuses comme des passages à niveau ou des routes à trafic intense ont été éliminés.

Ce fut la section tourisme du Ministère de l'Economie qui prit en main de restructurer les Sentiers nationaux afin de les adapter aux attentes de la randonnée telle qu'elle est pratiquée de nos jours.


Evidemment, ceci ne peut réussir qu'en veillant à une qualité irréprochable. Il est primordial que des sites et localités qui valent le détour – y compris la ville de Luxembourg – figurent sur les trajets et que les différents chemins soient reliés entre eux. De même, un raccordement aux routes de randonnée internationales, comme le chemin de *Saint Jacques de Compostelle*, est prévu. Finalement, progrès technique oblige, tous les chemins doivent se prêter à la navigation par GPS.

Wie sech um site *Geoportail.lu* d'Landkaart mat de Wanderweeër ukuckt, stellt séier fest, dass et kaum ee Fleck gëtt, deen net op iergendeng Aart a Weis zu Fouss kann inspizéiert ginn.

En consultant la carte des chemins de randonnée sur le site *Geoportail.lu*, vous ne trouverez que peu d'endroits au Grand-Duché qui ne se prêteraient pas à être explorés à pied.

Une entreprise ambitieuse, puisqu'il s'agit d'établir un réseau nouveau et une signalisation cohérente. Pour y parvenir, le ministère s'est assuré la collaboration des différents ORT, tandis que l'association des randonneurs allemande, *Deutscher Wanderverband* a été sollicité comme conseiller externe.

Sur le plan du marketing, des mesures sont prévues afin que le Luxembourg puisse se présenter à l'extérieur avec un éventail d'offres en randonnée qui cherche son pareil. Actuellement, le projet *Sentiers nationaux* est en phase d'analyse et de planification. Comme d'habitude, nous vous tiendrons au courant...



"Du gees fort, an du weess nëmmen ongeféier, wéini dass de ukënns."

Ee Gespréich mam
Wander-Fachmann
Yves Lahur

.....

**« Tu pars en ne sachant
qu'à peu près quand tu
arriveras. »**

**Un entretien avec l'expert-
randonneur Yves Lahur**

.....

Text: Marc Angel-Romera
Fotografie: Yves Lahur



**RM: Dir gëllt als begeeschterten Hiker. Gëtt et een
Ënnerscheid tëscht Hiking an deem, wat mir allgemeng
als Wandere bezeechnen? Wat fir kierperlech an aner
Viraussetzunge verlaangt Är Aktivitéit ?**

YL: Et gëtt verschidde Begrëffer, wéi Trekking, Hiking
oder Wanderen. Trekking bezitt sech gemengerhand
op Weeër vun e puer Deeg mat deem entspreche
Gepäck, beim Hiken oder Wandere geet ee kleng
Rucksak mat deem, wat ee fir een Dag braucht, duer.
Mee d'Iwwergäng si fléissend, ech huelen et do net esou
genee. Wat fir Viraussetzungen een dofir braucht, hänkt
natierlech dovun of, ob een e gemittlechen Auto-Pédestre
mécht oder eng Route vu 400 km wëllt zréckleeën.

Ech perséinlech si vill op Weeër hei zu Lëtzebuerg
ënnerwee fir ze trainéieren. Ech kombinéieren
dann e puer Auto-Pédestren a probéieren, Strecken
erauszesichen, déi gewëssen Erausforderunge stellen,
virun allem den Héichtenënnerscheid ass wichteg.

**Dir sidd vill an anere Länner ënnerwee. Wat fir eng
Plazen uechter d'Welt hunn lech et ugedoen?**

Ech hunn eng Virléift fir karg Landschaften.
Patagonien huet mech zum Beispill faszinéiert. An
ech war zéng Deeg laang mat enger Kollegin duerch
Grönland ënnerwee. Da sinn ech zweemol eleng iwwert
d'Alpe gewandert: eemol vu München op Venedeg an
eemol vu Berchtesgaden op Tolmin a Slowenien. An
hei huet et mir am Beschten op den Héichte gefall,
do wou kaum nach eppes wisst. Mee dann deet et awer och
gutt, vun do erof an een Dierfchen ze kommen.

**Wat haalt Der vun de Wanderméiglechkeeten zu
Lëtzebuerg?**

Et gëtt eng grouss Offer fir den normale Wanderer.
Herrlech Auto-Pédestren, Rondweeër, déi sech och gutt
matenee verbanne loosse, wann ee méi wäit wëllt goen.
Och d'Nationalwanderweeër si ganz flott. Allgemeng ass
alles gutt gezechent. Heiansdo muss een e bësse sichen,
mee dat ass jo haut mam GPS kee Problem méi.

Wat mech net esou begeeschtert, ass, wa probéiert gëtt, d'Weeër ze vill ze "verbesseren", andeems een iwwerall Makadamm oder Kräsi mécht an all Schwieregkeet eraushëlt. Gutt, där mussen et och ginn, awer net nëmmen!

Bei Bëschaarbechte sollt och opgepasst ginn, dass net aus engem schmuele Pad op eemol eppes ewéi eng Strooss gëtt. Dat geschitt dacks, wann ëmgemaache Beem erausgeschleeft ginn. Ech weess, déi Aarbechte musse gemaach ginn, mee vläit net onbedéngt wann et riicht era reent, wou souvill zerstéiert gëtt. Fir d'Natur ass dat jo souwisou net gutt.

Gëtt et an der Regioun LEADER Lëtzebuerg West ee Wee, deem Der eise Lieser géif un d'Häerz leeën?

Ronderëm Stengefort gëtt et e puer interessant Weeër, déi och iwwert d'Grenz féieren. Déi misste fir jidferen ze packe sinn, an et gëtt zu kengem Moment langweileg. (Kuckt dozou den Artikel op der Säit 13, Entdeckungspad *Mirador*)



Wat bréngt d'Hiken lech an Ärem Alldag?

Mam Rucksak ënnerwee si bedeit fir mech Ofschalten. Kee Stress, keen Zäitdruck, keen Handy. Du gees fort, an du weess nëmmen ongeféier, wéini dass de ukënns.

An da mécht een alt mol ganz flott Begéinungen op den Treffpunkten. Déi hunn de grouss Virdeel, dass et do meeschtens kee WiFi gëtt! Da mussen d'Leit matenee schwätzen.

Wandern ass eng einsam Ugeleeënheet: A Grönland hu mer kaum méi wéi eng hallef Dose Mënsche begéint. Mee et gëtt och Strecken, déi vill benotzt ginn, zum Beispill plazeweis an den Alpen. Sou oder sou ass et ëmmer agreabel, wann een e Stéck Wee kann zesumme maachen, besonnesch op méi geféierleche Strecken.

An dann ass et natierlech d'Natur, déi een ëmmer erëm ze pake kritt.





MR: Vous êtes connu pour être un passionné du hiking. Existe-t-il une différence entre le hiking et ce que nous appelons communément la randonnée? Quelles conditions physiques ou autres sont requises pour une telle activité?

YL: On utilise différents termes, comme trekking, hiking ou randonnée. Le trekking désigne généralement des chemins de plusieurs journées avec le bagage correspondant, alors que pour le hiking ou la randonnée, un petit sac-à-dos contenant le nécessaire pour un tour d'une journée suffit. Mais les définitions sont floues et personnellement, je ne suis pas très à cheval sur ces termes. En ce qui concerne les conditions, cela dépend évidemment de vos ambitions. Un simple auto-pédestre, c'est autre chose qu'une route de 400 km.

Je m'entraîne beaucoup sur les chemins au Luxembourg, en combinant plusieurs auto-pédestres et en choisissant des trajets avec un certain niveau de difficulté, notamment en ce qui concerne la différence d'altitude.

Vous bourlinguez beaucoup à l'étranger. Quels sont les endroits au monde qui vous ont marqué?

J'ai une préférence pour les paysages arides. Ainsi, la Patagonie m'a vraiment fasciné. Ensuite, avec une amie, j'ai parcouru le Groenland. Et puis, j'ai exploré

seul deux traversées des Alpes: une fois de Munich à Venise et une fois de Berchtesgaden à Tolmin en Slovénie. Ce sont surtout les grandes altitudes qui m'ont plu, là où il n'y a pratiquement plus de végétation. Ceci dit, après, on est toujours content de redescendre vers un village.

Que pensez-vous des possibilités de randonnée au Luxembourg?

L'offre pour le randonneur normal est vaste. Les auto-pédestres sont fameux, les circuits se laissent parfaitement relier pour aller plus loin. Les Sentiers nationaux sont également très agréables. En principe, la signalisation est bonne, même s'il faut parfois chercher un peu, mais avec le GPS, de nos jours, ce n'est pas un problème.

Ce qui me plaît moins, c'est quand on cherche à «améliorer» les chemins à tout prix, en mettant de l'asphalte ou du gravier et en éliminant chaque petit obstacle. D'accord, il en faut des faciles, mais pas uniquement!

Par ailleurs, il faudrait faire plus attention, lors des travaux forestiers, à ne pas transformer un sentier étroit en une véritable chaussée. C'est souvent le cas quand les arbres abattus sont évacués.

Je sais bien que ces travaux sont indispensables, mais si on évitait de les effectuer par temps de pluie, on causerait moins de dégâts dans la nature.

Existe-t-il un sentier dans la région LEADER Lëtzebuerg West que vous recommanderiez à nos lecteurs?

Aux alentours de Steinfort, il y en a plusieurs qui sont très intéressants, dont certains traversent la frontière. Ils devraient être à portée de tous et on ne s'ennuie pas une seconde (voir également l'article à la page 13, Sentier découverte *Mirador*)

Quelle influence la randonnée exerce-t-elle sur votre vie quotidienne?

Quand je suis en route avec mon sac-à-dos, je décroche complètement. Pas de stress, pas de délai, pas de téléphone portable. Tu pars en ne sachant qu'à peu près quand tu arriveras.

En plus, on fait souvent des rencontres très agréables sur les points de rencontre, qui ont d'ailleurs le grand avantage de ne pas disposer de WiFi! Les gens sont obligés de se parler.

La randonnée est une activité solitaire: au Groenland, nous avons rencontré à peine six personnes. Mais il y a aussi des trajets plus fréquentés, comme dans les Alpes par endroits. D'une façon ou d'une autre, c'est toujours plus convivial de faire un bout de chemin ensemble, surtout s'il s'agit de routes plus dangereuses.

Et puis, finalement, la nature, ça ne laisse jamais indifférent.



Geocaching – en neien Trend mat enger aler Geschicht

Géocaching – tendance nouvelle avec une
histoire ancestrale

Text: Marc Angel-Romera
Fotoot: Lisa Heischling, Claude Rischard

Als "Jeeër a Sammler", sou
hu mer et geléiert, sinn eis
Virfaren duerch d'Gewan
gezunn. Ëmmer op der Sich: no eppes
lessbarem, no enger Schlofplaz, no deem
passende Steen, fir Geschir oder Waffen
hierzestellen...

Wa mir eis haut op de Wee maachen, fir
eis dat ze beschafen, wat mer brauchen
– oder mengen ze brauchen – huet dat
näischt Abenteuerlech méi. Mir wësse
jo, wou mer et fannen, a meeschtens ass
méi do, wéi fir eis gutt ass!

Mee den Instinkt ass méi staark, dat
Sichen ass eis net vergaangen. Als
Kanner spille mer Stoppes a Fänkes, als
Erwuessener sammele mer alles, wat
d'Mier ofwërft. Mir leeë Spuren am Bësch
a si wéi besiess, wann et drëm geet, déi
bekannten Nol am Koup Hee ze fannen.

Eng Fassong, fir mat dëser uraler Onrou
spilleresch ëmzegoen, erfreet sech zënter
enger Partie Joren enger ëmmer méi
grousser Beléiftheet. Vläit ass et den
Asaz vu modernster Technik, dee si virun
allem fir Jonker esou attraktiv mécht.

Beim Geocaching geet et dorëm, mat
Hëllef vun engem GPS ee sougenannte
Cache, deen iergendwou an der Natur
verstoppt ass, ze fannen. Onnéideg ze
präziséieren, dass ee sech mat deene
Schätz, déi drop waarden, entdeckt ze
ginn, näischt ka kafen! Mee dat deet der
Freed keen Ofbroch.

**Um Internetsite www.geocaching.com,
vun deem et souguer eng
lëtzebuergesch-sproocheg Versioun
gëtt, kann ee feststellen, dass esou
Cachen iwwert d'ganz Welt verspreet
sinn. A fir gewuer ze ginn, wou et der
eventuell an der Regioun LEADER
Lëtzebuerg West gëtt, geet et duer,
den entspreche Code Postal op
deem Site anzeginn. Dir wäert séier
erausfannen, dass Dir nach laang
net déi eenzeg sidd, déi sech dofir
interesséieren.**

D'Facebook-Grupp vun de Geocacher zu
Lëtzebuerg zielt nobäi 1.700 Memberen, an
et kann ee vun ëm déi 3.000 Leit ausgoen,
déi dës Aktivitéit hei bedriewen. Plazen,
wou sech sou ee Schatz verstoppt, gëtt et
heizuland am Moment genee 3.406.

De Claude Rischard, erfuerene Geocacher,
weess, nieft deem ernimmte Jeeër-a-
Sammler-Facteur, nach eng ganz Rëtsch gutt
Grënn, sech senger Leidenschaft hinzeginn.

Ee Grond dovunner ass, dass ee Kanner,
déi net onbedéngt ëmmer schaarf op Natur
a frësch Loft sinn, mam Opruff "Komm mir
ginn e puer Douse sichen!" liicht hannert
dem Uewen erausgelackelt kritt. Bei sou
enger Sich komme scho gären 7-8 km
Foussmarsch zesummen, déi duerch
d'Cachen agreabel opgelackert ginn.

Nos ancêtres, nous a-t-on appris, ont
parcouru la terre en pratiquant la chasse
et la cueillette. Toujours à la recherche de
nourriture, d'un abri pour dormir, d'une pierre qui se
prête à la fabrication d'un outil ou d'une arme...


Aujourd'hui, subvenir aux besoins de notre vie
quotidienne – ou à ce que nous prenons pour nos
besoins – n'a plus rien d'aventureux. Nous savons où
trouver ce que nous cherchons, et en général, nous
trouvons bien plus que nécessaire.

Toutefois l'instinct est plus fort, nous n'avons pas
fini de partir à la recherche. Enfants, nous jouons à
cache-cache, adultes, nous collectionnons toutes
sortes d'objets. Nous nous passionnons pour les
jeux de pistes et nous obstinons à vouloir trouver la
fameuse aiguille dans une botte de foin.

Cette agitation atavique est sans doute à l'origine
d'une activité très en vogue. Est-ce l'usage d'une
technologie moderne qui la rend aussi populaire
notamment auprès des jeunes?

Le Géocaching est un jeu qui consiste à trouver, à
l'aide d'un GPS, un cache dissimulé quelque part
dans la nature. Inutile de préciser que les trésors qui
attendent à être découverts n'ont que peu de valeur
réelle. Mais cela n'entrave en rien le plaisir!

**Sur le site www.geocaching.com, vous pourrez
vous rendre compte que ces caches sont
répandus partout dans le monde. Et pour
savoir où il pourrait s'en trouver dans la région
LEADER Lëtzebuerg West, il suffit d'introduire
le code postal respectif sur le même site.
Vous vous rendrez compte que vous n'êtes pas
seul à vous y intéresser, loin de là!**



Da kennen déi lokal *Cacher* dacks besonnesch schéi Plazen, déi si als Stoppen auswielen. Dem Claude Rischard ass et scho virkomm, och an der Vakanz op dës Manéier Ecker z'entdecken, déi hie soss ni kennegeléiert hätt.

Ausserdeem ass de sozialen Aspekt net z'ënnerschätzen. Reegelméisseg fannen Treffé statt, wou ee sech kenneléiert, sengem Hobby noheet a potert. *Mysterien*, d.h. *Cachen*, bei deenen ee Rätsel muss geléist gi fir d'Stopp ze fannen, bidden een idealen Zäitverdreif fir owes doheem.

Onnéideg drop hinzeweisen, dass Geocacher ausgewisen Naturfrënn sinn. Dofir fille si sech och matverantwortlech, wann den Dreck vu ruppege Spadséier-gänger an aneren Zäitgenosse sech an der Gewan usammelt. *CITO – Cache In Trash Out* nenne sech Eventer, bei deene Geocacher zesummekomme fir an der Natur ze botzen.

Bleift nach d'Fro ze klären, wat een da sou muss vu kierperleche Viraussetzunge matbréngen. D'Schwierigkeetsgrade vun de *Cache* si vun 1 bis 5 agestuift, bei der Terrainswäertung ass déi éischt Kategorie fir Rollstullfuierer accessibel, während déi lescht speziellt Material wéi Boot, Kloter- oder Tauchgeschir verlaangt.

D'Äntwert ass deemno: et gött keng Ausried!

Le groupe Facebook des géocacheurs au Luxembourg compte près de 1.700 membres, et le nombre total de personnes exerçant cette activité chez nous devrait s'élever à environ 3.000. Il existe un total d'exactly 3.406 caches au Grand-Duché.

Claude Rischard, géocacheur expérimenté, connaît, en dehors de l'instinct de chasseur-cueilleur, toute une série de bonnes raisons pour s'adonner à sa sympathique passion.

Motiver ses enfants, qui n'ont pas toujours très envie de nature et d'air frais, à sortir des quatre murs par le simple appel: «Si on allait chercher quelques boîtes?» n'est qu'une de ces raisons. Lors d'une telle excursion, on peut parcourir facilement 7 à 8 km à pied, tout en s'amusant à trouver l'un ou l'autre cache.

De plus, les cacheurs locaux choisissent souvent les endroits les plus charmants pour y dissimuler leurs trésors. En vacances, Claude Rischard s'est retrouvé sur des lieux magnifiques qu'il n'aurait jamais connus sans cela.

Sans oublier l'aspect social! Des meetings ont lieu régulièrement pour faire connaissance, partager son hobby

et discuter. Des «mystères», c'est-à-dire des caches dont la découverte se fait en résolvant une énigme, offrent un passe-temps idéal pour les soirées à la maison.

Est-il nécessaire de noter que les géocacheurs sont de fervents amis de la nature? C'est pourquoi ils se sentent concernés par les déchets qu'ont laissés derrière eux des promeneurs et autres citoyens irresponsables. Lors de rencontres appelées *CITO – Cache In Trash Out*, les participants profitent de leur activité pour nettoyer la nature.

Reste à savoir quelles sont les conditions physiques que nécessite l'exercice du géocaching. Les degrés de difficulté des caches vont de 1 à 5, quant à l'évaluation du terrain, la première catégorie est accessible aux personnes en chaise roulante, alors que la dernière requiert du matériel spécifique (barque, équipements d'escalade ou de plongée...)

La réponse est donc bien simple: pas d'aptitudes particulières requises, donc pas d'excuse!

Dëst an dat / En bref

Projet'en / Projets

Text: Natalia Sánchez, Sarah Mathieu, Nathalie Simon
Fotoen: Marion Dessard, Natalia Sánchez, David Laurent

HistoSchool

Am Projet *HistoSchool* hunn a véier Gemengen déi éischt Aarbechtsgruppe stattfonnt, wou flott Iddien opkomm si fir de Schüler déi lokal Geschicht nozebréngen. / Dans le cadre du projet *HistoSchool*, les premiers groupes de travail se sont créés dans quatre communes. De nombreuses idées intéressantes contribueront à transmettre l'histoire locale aux élèves.

- ➔ Kärch: Thema Mëttelalter an all Cycle behandelen
Koerich: traiter le thème du Moyen-Âge à travers tous les cycles
- ➔ Miersch: Rallye duerch d'Uertschaft wou all wichteg Themen ugeschwat ginn: Réimer. Mëttelalter, 1. an 2. Weltkrich, bekannte Perséinlechkeeten...
Mersch: rallye à travers la localité, relatant tous les sujets intéressants: époque romaine, Moyen-Âge, Première et Seconde Guerres mondiales, personnalités importantes...
- ➔ Mamer: fir all Duerf gëtt en Thema entwéckelt
Mamer: développement d'un thème pour chaque village
- ➔ Simmer/Habscht: pedagogesch Upassung vum Theaterstéck *Mysteriespill - den Doud a sengen Äerm* mat Referenz zum Mëttelalter
Septfontaines/Habscht: adaptation pédagogique de la pièce de théâtre *Mysteriespill - den Doud a sengen Äerm* avec référence au Moyen-Âge




Geschichte vum Duerf

“Geschichte vum Duerf” ass ee Projet, dee vun der asbl Kultrun an d'Liewe geruff ginn ass. Et geet haapt-sächlech dorëm, Temoignagen a perséinlech Geschichte vu Leit iwwer 70 aus de verschiddene Gemenge vun der Regioun LEADER Lëtzebuerg West ze sammelen. Kleng oder grouss Abenteuer aus hirer Kandheet, hirer Jugend, hirem Duerf an aner Erënnerungsstécker, déi si am Gediechtnes hunn, dat alles soll d'Thema vun dëser Sammlung sinn. / «Geschichte vum Duerf» est un projet initié par l'asbl Kultrun. L'idée principale est de recueillir des témoignages ou des histoires personnelles, appartenant à des personnes âgées de plus de 70 ans, vivant dans les différentes communes de la région LEADER Lëtzebuerg West. Les petites ou grandes aventures de leur enfance, de leur jeunesse, du village et tout autre souvenir gardé dans leur mémoire seront le sujet de ce recueil.

Bis elo huet eis Equipe iwwert déi regional Geschicht recherchéiert, un der Gestiou an der Organisatioun geschafft an Interviewen duerchgefouert. / Jusqu'à présent, notre équipe a travaillé sur la recherche de l'histoire de notre région, la gestion, l'organisation et réalisation des interviews.

Soubal déi Interviewen ofgeschloss sinn, ginn déi gesammelt Informatiounen nummeriséiert a klassifizéiert. Schliisslech gi verschidden Alternative proposéiert, fir dat Material fir jiddereen zougänglech ze maachen: Buch, Video oder aner Publikatiounsméiglechkeeten. / Une fois les interviews terminés, les informations collectées seront numérisées et classifiées. Finalement, différentes alternatives seront proposées pour rendre ce matériel accessible au public, que ce soit sous forme de livre, d'une vidéo ou d'autres supports.

Am Moment hu mir eng Dose Leit interviewt, sinn awer nach op der Sich no weideren Temoignagen. Wann Dir also an enger vun de Gemengen aus der Regioun, d.h. Garnech, Habscht (Deel Simmer), Helperknapp, Kärch, Mamer, Miersch oder Stengefort wunnt, biede mir lech häerzlech, Är Erënnerunge mat eis ze deelen an esou dës wonnerbar Geschichtesammlung ze ergänzen. / Actuellement, nous avons interviewé une douzaine de personnes, mais nous avons besoin de plus de témoignages. Donc, si vous habitez dans l'une des communes de la région: Garnich, Habscht (partie Septfontaines), Helperknapp, Koerich, Mamer, Mersch ou Steinfort, nous vous invitons à partager vos souvenirs avec nous afin de pouvoir compléter ainsi cette collection d'histoires magnifiques!



Babel

E puer Andréck vun der erfollegräicher Konferenz «Der Rest ist Schweigen - gehörlos in Luxemburg» den 20.02.2018 am Cercle Cité a Präsenz vum Minister fir Bildung, Kanner a Jugend Claude Meisch an der Ministerin fir Famille, Integratioun a Groussregioun Corinne Cahen. *Quelques impressions de la conférence très réussie "Le reste est silence - déficience auditive au Luxembourg", le 20.02.2018 au Cercle Cité en présence de Monsieur Claude Meisch, Ministre de l'éducation, de l'enfance et de la jeunesse et de Madame Corinne Cahen, Ministre de la famille, de l'intégration et de la Grande-Région.*



Büro / Bureau

Während deem leschte Joer huet sech am LEADER Büro vill gedoen
Au cours de l'année dernière, le bureau LEADER a connu de nombreux changements:

Responsable gestionnaire

Den 1ten Januar huet d'Gestionnaire Michèle Thinnès bei eis opgehalen. Hier Halleftâche ass un d'Sarah Mathieu gaangen. / Le premier janvier, la gestionnaire du bureau LEADER Lëtzebuerg West, Michèle Thinnès, a quitté ses fonctions, laissant sa demi-tâche à Sarah Mathieu.

Madame Mathieu schafft elo zu 100 % als Gestionnaire fir de LEADER Lëtzebuerg West a bleift Ären Usprechpartner. Votre interlocutrice sera dorénavant Madame Mathieu, qui occupe le poste de gestionnaire à 100%.



Wëllkomm zeréck Céline Lanners / Retour bienvenu Céline Lanners

Säit dem 13ten Abrëll 2018 ass d'Céline Lanners zeréck aus dem Congé parental fir eng Halleftâche an ass zoustänneg fir de Projet *HistoSchool*. / Après son congé parental, Céline Lanners est de retour depuis le 13 avril pour une tâche à mi-temps. Elle est en charge du projet *HistoSchool*.



Nei technesch Assistentin / Nouvelle assistante technique

D'Sarita Brown ass säit dem 1ten Februar 2018 ersat gi vum Nathalie Simon. Mir wënschen dem Sarita all Guddes fir d' Zukunft an heeschen d' Nathalie nees wëllkomm!

Sarita Brown a été remplacée par Nathalie Simon le 1^{er} février 2018. Nos meilleurs vœux de succès pour son avenir vont à Sarita, tandis que nous souhaitons la bienvenue à Nathalie.



Agenda

Datum / Date	Veranstaltung / Événement	Uert / Lieu	Weider Infoen / Plus d'informations
Mee / Mai			
18.05.2018	Die Ruhe nach dem Sturm im <i>Härebësch</i>	Koerich, Fockemillen SES Wasserwerk	Naturschutzzentrum Mirador www.nature.lu
20.05.2018	<i>Helpermaart</i>	Buschdorf	www.helpermaart.lu
26.05.2018	Nopeschfest / Fête des voisins		www.nopeschfest.lu
30.05.2018	Michel Meis Quartet	Mamer, Kinneksbond	www.kinneksbond.lu
Juni / Juin			
02.06.2018	Nuit du sport	Steinfort, Koerich	www.nuitdusport.lu
03.06.2018	Départ Tour de Luxembourg	Mersch	www.aotdl.com
03.06.2018 17.06.2018	Concerts de Koerich	Koerich, église décanale	Käercher Schlassfrënn www.ksf.lu
05.06.2018	Das tapfere Schneiderlein	Mersch, Kulturhaus	www.caku.lu
15.-21.06.2018	Fête de la Musique	Steinfort, Septfontaines	www.fetedelamusique.lu
17.06.2018	Pëttener Schlassfest / Fête du château	Pettingen, château	www.duerfsieschter.lu
23.06.2018	Fête populaire	Mamer	www.mamer.lu
24.06.2018	Der Ecopark Windhof, in Harmonie mit Mensch und Natur	Windhof, 13, rue d'Arlon	Naturschutzzentrum Mirador www.nature.lu
29.06.2018 - 01.07.2018	Hamefest Garnich	Garnich, <i>Botterkräiz</i>	www.gamechemusek.lu
30.06.2018	Kleng a grouss Theatermomenter – Theaterschoul Yolandin	Mersch, Kulturhaus	www.yolandin.lu
Juli / Juillet			
06.07.2018	Stengeforter Owesmaart	Steinfort	www.steinfort.lu
07.07.2018	With U2 Night Festival am Brill	Mamer	Kulturkommissioun Gemeng Mamer www.mamer.lu
07.07.2018 & 08.07.2018	Schëndelser Schlassfest / Fête du château	Schoenfels, château	Entente des sociétés Schoenfels
14.07.2018	Foodtruck and Music Festival	Brouch, Terrain de football	Centre d'incendie et de Secours Boevange/Attert www.facebook.com/fdtmf
14.07-20.07.2018	Summerakademie Pssst, wir lassen die Puppen tanzen!	Mersch, Kulturhaus	www.kulturhaus.lu
15.07.2018	Make Kohler Kooler - Vernissage an Ofschloss vum Projet	Kahler	www.makekohlerkooler.com
15.07.2018	Sommertag der Literatur	Mersch, Centre national de la littérature	www.kulturhaus.lu www.cnl.lu

Datum / Date	Veranstaltung / Événement	Uert / Lieu	Weider Infoen / Plus d'informations
15.07.2018	Alles op de Velo am Mamerdall	Mamer-Kopstal-Mersch	www.meko.lu
15.07.2018	Draachefest	Mersch	www.mierscher-musek.com
20.07.2018	Nuetsmaart	Mamer, place de l'indépendance	Commission du développement durable AC Mamer
20.07.2018	Open Air Kino	Mamer, parc <i>am Brill</i>	Kulturkommissioun AC Mamer
21.-22.07.2018	Balloon Trophy	Mersch, parc municipal	www.lbt.lu
August / Septembre			
04.-05.08.2018	Vintage Cars & Bikes	Steinfort	www.vintage-steinfort.lu
05.08.2018	Fête du Château	Ansembourg, château	www.gcansembourg.eu
17.-19.08.2018	Kolla Festival	Steinfort	facebook.com/the.kolla.festival
21.-23.08.2018	Journées du Patrimoine	Ansembourg, château	www.patrimoine2018.lu
September / Septembre			
01.-02.09.2018	En Dag um Weier	Steinfort	Harmonie Kleinbettingen www.steinfort.lu
08.09.2018	D'Schmelz an d'Eisebunn zu Stengefort	Steinfort, Naturschutz-zentrum <i>Mirador</i>	Naturschutzzentrum Mirador www.nature.lu
16.09.2018	Eenelter Maart	Reckange	www.dt-recken.com
16.09.2018	Randonnée du Centre	Mersch	www.klimabuendnis.lu
16.09.2018	Porte ouverte D'Georges Kayser Altertumsfuerscher	Goeblange	www.gka.lu
22.-23.09.2018	16. Kürbisweekend	Beringen	www.kuerbis.lu
23.09.2018	Natur- & Mobilitéétsdag	Commune Helperknapp	www.helperknapp.lu



LEADER
Lëtzebuerg West

Garnich
Habscht (partie Septfontaines)
Helperknapp
Koerich
Mamer
Mersch
Steinfort



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs



Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung
des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete



MIXTE
Papier Issu de
sources responsables
FSC® C103749

